
# SYNERGIE

Februar 2020 / n°55

De Regionalmagazin Atert-Wark vum Réidener Kanton



Syndicat Intercommunal
"De Réidener Kanton"

Naturbaustoff

DE NATURBAUMAART ZU RÉIDEN

Naturfaarwen . Lehm- a Kallékbotz . Massivholzparquet
Heizungssystemer . Ökologescht Isolatiounsmaterial
Terrassen- a Fassadenholz . Handwierksgeschier




ART & WISE

Z.A. Solupla . Réiden/Atert
24 84 02 26
naturbaustoff.lu

# SOMMAIRE

## IMPRESSUM

*Rédaction, direction artistique, illustration, mise en page & suivi de production*
Art & Wise s.à r.l.

*Editeur responsable*
Art & Wise s.à r.l.

*Impression*
Imprimerie Reka s.a.

*Renseignements & réservations*
T +352 23 62 43-20
info@artandwise.lu

© Art & Wise s.à r.l.

Tous droits réservés. Toute reproduction, ou traduction, intégrale ou partielle, est strictement interdite sans autorisation écrite au préalable de l'éditeur.

*Prochaine parution*
avril 2020

*Clôture annonce*
mi-mars 2020

*Tirage*
11.666 exemplaires

Magazine régional d'information bimestriel édité par Art & Wise s.à r.l. en collaboration avec le Syndicat Intercommunal du Réidener Kanton et le Groupe d'Action Locale Leader Atert-Wark.

Fonds européen agricole pour le développement rural: l'Europe investit dans les zones rurales.

2 **ARTOUR - DESSINS SANS PAPIERS**

4 **ARTOUR 2020**

5 **1895-2020 - 125 JOER HARMONIE USELDENG**




6 **BEWOSST HANDELEN AM WESTEN. ONLINE SHOPPEN NOHALTEG, FAIR & SOZIAL! WWW.GRINGGO.LU**

10 **LECKEREIEN AM GLAS ENG DELIKATESS VUN DER ATERT**

12 **KLIMAWANDEL LËTZEBUERG BEFËNNT SECH AN ENGER ZWÉCKMILLCHEN**

13 **TOUR DU DUERF 2019 AM RÉIDENER KANTON**

14 **KLIMAPAKT-DAG AM RÉIDENER KANTON**



16 **KLIMAFRËNDLECH AKTIVITEITEN AN DER RAMMERICHER GEMENG**

18 **MERTZIG4ALL ENG GEMENG FIR JIDDEREEN!**

20 **GEWÄSSERVERTRAG ATTERT - CONTRAT DE RIVIÈRE ATTERT WELTWASSERTAG**



23 **NATURA 2000 EINE REGION VOLLER SCHÄTZE DAS GRENDELER NIEDERMOOR**

26 **KLIMATEAM AUS DEM ATERT-LYCÉE-RÉIDEN**

28 **ENERGIEATELEIR GRATIS / GRATUIT CRASH-COURSE**

30 **CUBE 521**



31 **A BUTZEN**

32 **WANDPARK KANTON RÉIDEN**

34 **AGENDA**

# ARTOUR
# DESSINS SANS PAPIERS

Des coups de crayon qui ont suscité beaucoup d'émotions.




REIDENER JUGENDTREFF

**Réidener Jugendtreff**
Maison de Jeunes de Redange
13, Grand-Rue
L-8510 Redange
T +352 23 62 05 09
F +352 23 62 09 85
martine@mjredange.lu
niki@mjredange.lu

Facebook Jugendhaus Reiden

La Maison de Jeunes de Redange a bien bougé fin 2019 et s'apprête à faire encore mieux en 2020… Nous avons terminé l'année avec un grand projet qui nous tenait vraiment à cœur… Le projet **„Dessins sans papiers“**.

Nous avons toujours pensé qu'il était extrêmement important de faire en sorte que les habitants d'une même région entrent en contact et créent des liens. Travaillant dans une Maison de Jeunes il nous semblait important de faire prendre conscience aux jeunes du vécu des jeunes réfugiés habitant notre commune.

Convaincue que la mobilisation de tous est essentielle pour relever le défi de l'intégration, la Maison de Jeunes de Redange souhaitait encourager et valoriser l'engagement des jeunes dans un projet concret. Comment échanger avec ceux qui ne parlent pas notre langue et éviter que la langue ne soit un frein? Tel était notre postulat de départ.



L'idée de ce projet était de développer en collaboration avec nos jeunes, les jeunes du centre de Réfugiés, les jeunes porteurs de handicap et les personnes du club Senior Aterdaul un projet participatif sur le thème du vécu et du ressenti des jeunes réfugiés. Le projet „Dessins Sans Papiers“, avait pour but de développer l'échange entre des publics très différents vivant au sein d'une même commune et ce, autour de la question de l'art. L'art a donc été le fil conducteur de cette collaboration. Le travail mené était participatif: au-delà d'une rencontre humaine le projet devait conduire à renforcer le lien social par le biais de la création plastique.





L'objectif final de ces séances, ludiques et créatives, était la réalisation de plusieurs dessins rassemblé dans un livre et la mise en place d'une exposition finale. Ce livre a donc été un moyen de libérer la parole de chacun. Publier ces dessins, permettait, en quelques sortes, de redonner une parole universelle à tous les participants. Leurs dessins nous montrent des mers houleuses, des maisons qui s'ouvrent sur des jardins, des messages d'amitié, la vie tout simplement…

Ils nous expliquent leurs espoirs, leurs rêves,… Ici, ce sont les participants au projet qui nous ont fait un don. Ils nous ont confié une mission: partager leurs histoires avec ceux qui veulent bien comprendre leur situation. Ce projet était l'occasion de donner la parole à chacun et d'être à l'écoute… Une écoute active et pleine de sollicitude pour le vécu et le ressenti de tous. La place était à la parole traduite par des coups de crayon. Coups de crayons qui ont été très parlants et ont suscité beaucoup d'émotions chez tous les participants. Dessiner est un geste fort qui créé des images que tout le monde peut comprendre. Les dessins nous expliquent ce que les jeunes ont fui et pourquoi ils ont eu besoin de notre hospitalité. Ils nous expliquent aussi les rêves et attentes de chacun. Il y a donc sur chacune de ces feuilles une histoire qui échappe maintenant à l'anonymat.

**„Dessins Sans Papiers“** est en vente pour le prix de 10 € à la Maison de Jeunes à Redange.

# ARTOUR 2020 …

## Une histoire de succès touche à sa fin! Dernière étape d'ARTOUR en été 2020 …

En ce qui concerne le projet ARTOUR, nous allons déjà entrer dans la dernière phase du projet. Nos jeunes ont été très actifs durant 3 années, et ce projet nous a permis d'aller à la rencontre de nombreux nouveaux jeunes. Cette année l'échange aura lieu en Allemagne… Les jeunes de France, du Luxembourg, de Finlande et d'Allemagne se verront donc pour un dernier échange sur le thème du **„Zéro déchets"**. Dans ce cadre nos jeunes vont travailler le thème dès le début de cette année. Nous allons mettre en place différents ateliers de sensibilisation à faire avec nos jeunes. Nous allons nous employer à faire le parcours des déchets, trier et recycler. Nous travaillerons également la fabrication de produits naturels (savon, dentifrice,… ). Des ateliers de cuisine seront mis en place afin de sensibiliser les jeunes au circuit court et aux achats chez les producteurs locaux. Dans le cadre de ce projet, nous allons réaliser un court-métrage avec les jeunes afin d'avoir un impact visuel et direct auprès du jeune public. Le thème évoqué sera: **Moins de + et + de mieux**! Les jeunes seront les véritables acteurs et réalisateurs du clip. Ce sont eux également qui écriront le script et qui s'attèleront à filmer leur création.











## ÉTÉ 2020

Cet été 2020, nous attendons à nouveau tous les jeunes motivés pour notre grande semaine de rencontre. Les dates sont déjà connues… **du 27 au 31 juillet 2020! Artour le retour!** Les ateliers proposés sur le thème du „Zéro Déchets" seront la musique, l'art, le théâtre, le graffiti, le recyclage et la cuisine. Nous vous attendons très nombreux pour venir vous éclatez avec nous! Ce projet révèle énormément de surprises chaque année… Que ce soit au niveau des rencontres, des amitiés, des créations,… Les jeunes sont de vrais artistes et ils ont tous des choses à dire! Les parents seront invités lors du vernissage du projet qui aura lieu le vendredi 31 juillet 2020 à Redange.

*Martine Thielmanns*
*pour le Réidener Jugendtreff*

REIDENER JUGENDTREFF

**Réidener Jugendtreff**
Maison de Jeunes de Redange
13, Grand-Rue
L-8510 Redange
T +352 23 62 05 09
F +352 23 62 09 85
martine@mjredange.lu
niki@mjredange.lu

Facebook Jugendhaus Reiden

Fonds européen agricole pour le développement rural: l'Europe investit dans les zones rurales.

# 1895-2020 - 125 JOER HARMONIE USELDENG

1895 ass d'Useldenger Musek als Gesangsveräi gegrënnt gi mat der Devise: „Wo man singt, da lass dich nieder, böse Menschen haben keine Lieder“. 8 Joer méi spéit ass aus dem Gesangsveräin eng Harmonie ginn, 1907 hat si schonn 32 Memberen. Och de Fändel vum Gesangsveräin ass mat iwwerholl ginn, an huet bis 1954 säi wäertvollen Déngscht geleescht.

Den Historique vun 1895 bis 1995 ass am Detail an engem decke Buch nozeliesen, wat bei Geleeënheet vun der 100-Joer Feier erauskoum. Dëst Buch ass och nach ëmmer bei eis ze kréien.

Wei an all Veräi sinn et am Laf vun der Zäit Héichten an Déifte ginn. Am Réckbléck kann een awer festhalen, datt iwwert déi vill Joren ëmmer erëm Leit do waren, deenen déi Useldenger Musek um Häerz louch, an déi si mat hirem Asaz no vir bruecht hunn. Do wou Musek gemaach gëtt, sief dat mat oder ouni Instrumenter, ginn all Beräicher, all Geschéien an all déi mënschlech Gefiller, bewosst oder onbewosst, erfaasst, betount - vläicht och verstanen - an, hirem eventuell méiglechem Wäert no, och jugéiert, e Veräin also, dee mat senger Musek wichteg Momenter am Liewen an d'Verbonnenheet mat de Leit dobaussen ausdréckt. Ganz vill Idealismus, Motivatioun, Asaz, Ausdauer, Disziplin an en onermiddlecht Schaffen droen dozou bäi, datt d'Musek e Stéck Kultur an de Gemengen duerstellt, déi sécherlech net méi ewech ze denken ass.

An all deene Jore konnte vill Musikantinnen a Musikanten an eiser Useldenger Musek hirem Hobby nogoen, zesumme prouwen a flott Concerte spillen. D'Freed un der Musek, d'Fréndschaften an déi vill flott Momenter zesummen, déi mir ëmmer erëm erliewen, sinn d'Basis vun eiser Museksgesellschaft.

Dëst ass Ulass genuch, fir mat eisen aktuell 60 aktive Musikantinnen a Musikanten dëst Joer eisen 125. Gebuertsdag ze feieren. Dat soll e besonnescht Festjoer ginn als Unerkennung fir all fréier an aktuell Memberen a fir all d'Leit, déi eis Musek erhal an ënnerstëtzt hunn.

Den Optakt vun eise Feierlechkeeten, déi sech duerch dëst ganzt Joer hinzéien, ass de **7. Mäerz 2020** zu Useldeng mat engem Concert gespillt vun der „**Harmonie Union Troisvierges**“, mat där eis Musek ganz gutt Relatiounen huet. Dëse Concert d'Honneur steet ënnert dem Patronage vun der UGDA.

De **25. Abrëll** hu mir „**d'Moselle Valley Brass Band**“ zu Besuch an e puer Woche méi spéit ass et selwer un eiser **Useldenger Musek**. Den **30. Mee offréiere mir eise Gala-Concert** mat engem spezielle musikalesche Programm fir eisen 125. Gebuertsdag.


1


2


3

E weideren Highlight nach virun der Summervakanz, den **11. Juli**, ass en sougenannte **Stäremarsch** (Flashmob) an de Stroossen vun Useldeng mat ville Museksveräiner aus der Ëmgéigend. Duerno feiere mir mat Musek an Danz vun enger dätscher Stëmmungsband bis an d'Nuecht. De **14. August** steet eng grouss **Sound & Light Show op der Buerg** um Programm. Dann invitéiere mir all fréier an haiteg Musikantinnen, Musikanten, Dirigenten a Comité-Membere vun eiser Musek op e **Konveniat** zu Useldeng, den **19. September**. An enger flotter Fotosausstellung gi Biller an Erënnerungen iwwer 125 Joer Useldenger Musek gewisen. Et ass bestëmmt eng wonnerbar Geleeënheet fir sech erëmzegesinn, ze feieren an al Anekdoten auszetauschen. Musikalesch geet et weider den **3. Oktober** mat engem „**Concert patriotique soirée Roger Meis**“. Den Här Meis war Dirigent vun der Useldenger Musek vun 1957 bis 1972, e fréiere Militärmuseker an e.a. och nach Dirigent vu weidere Museksgesellschaften, souwéi Komponist vun etleche Marsch a Potpourrien, déi hien der Useldenger Musek gestëft huet. Fir den Ofschloss vun eisem Jubiläumsjoer spille mir dann nach den **19. Dezember 2020** an der Kierch zu Useldeng eisen traditionelle **Wanter Concert**. Mir wiere frou Iech all op eise Festlechkeete begréissen ze kennen.

1. **1896**
De Veräin nom Grënnungsjoer

2. **1908**
Déi éischt Gruppefoto vun der Harmonie

3. **2016**
D'Harmonie am Millenhaff zu Useldeng

Harmonie Useldeng
säit 1895

www.harmonie-useldeng.lu
harm.useld125j@pt.lu

Bewosst Handelen am Westen

# WWW.GRINGGO.LU ONLINE SHOPPEN: NOHALTEG, FAIR & SOZIAL!

Um Site fënnt een eng Selektioun vu Gringgo iwwerpréifte Produiten a Betriber aus dem Westen, déi eng ëmweltfrëndlech an transparent Betribsphilosophie vertrieden. Dëst erkennt een als Konsument un de gesammelten Informatiounen & kontrolléierte Labele ronderëm de Produit, esou wéi och um Gringgo-Stäresystem, deen nohalteg a sozial Betriber auszeechent.

## Froen? Ureizer?

Meld Iech gäeren beim Gringga Tanja. Dir fannt gringgo och op Facebook & Instagram.



**Gringgo.lu** riicht sech un all Konsument, dee Wäert drop leet ze wëssen:

* wou de Betrib, de Produit oder d'Déngschtleeschtung hierkënnt
* ob fair gehandelt gëtt
* ob sozial Aarbechtsbedingunge respektéiert ginn
* ob d'Nohaltegkeet

**19 Gringgoen proposéieren Produiten & Servicer an de Beräicher Textile, Liewensmëttel, Miwwelen & Deko, Handwierk, Accessoiren, Kaddosiddien.**

**T'kommen der all Dag bäi!**

## Ökologesch & ethesch Offere fir Verbraucher

All Produkt, Déngschtleeschtung oder Veranstaltung déi um Site presentéiert gëtt, erfëllt eng Rei nohalteg an/oder sozial Krittären. D'Offer, sief et bei der Produktioun, der Vente oder beim Verbrauch, ass nohalteg a sozial kompatibel, oder befaasst sech thematesch dermat.

**Gringgo**
6, Jos Seyler Strooss
L-8522 Beckerich
T +352 671 025 650
info@gringgo.lu
www. gringgo.lu



## Beispill „Schultertasche“

Gringgo gëtt Iech d'Info ...
... **wou et produzéiert gouf:** zu Biekerech am Atelier Protégé „Coûture“, Autisme Luxembourg
... **aus wat et besteet:** Upcycling vun ale Kaffissäck, handgemaachten Eenzelstécker
... **op Autisme Luxembourg e Gringgo ass:** jo, mat 5/5 Stären



### STÄRKUNG DER REGION

Zusammenarbeit:
Leader Atert-Wark,
Gringgo, Eida, Pall Center
& Bricowelt

### MITGLIED DER REGIONALWÄHRUNG BEKI

Autisme Luxembourg ist Mitglied bei De Kär a.s.b.l. und akzeptiert somit Beki.

### UMWELTFREUNDLICHE BETRIEBSFÜHRUNG

Photovoltaik, Fernwärme, Strom von Eida

Label SuperDrecksKëscht für Betriebe

ökologische Putzmittel (Boma), FSC Papier, Bio Obst aus eigenem Anbau

### ÖKOLOGISCHES & ETHISCHES ANGEBOT

**Kreislaufwirtschaft im gesamten Betrieb. Beispiele:**

**Näherei:** Upcycling von Airtramp Material, Kaffeesäcken, Kirschkernkissen von den eigenen Bäumen, Kerne in eigener Wäscherei gewaschen, Herstellung von Kirschmarmelade

**Papieratelier:** Recycling von Altpapier, Glückwunschkarten, Menükarten, Fotoalben

**Gärtnerei:** Bio Obst für Marmelade

**Wäscherei:** Projekt mit dem Umweltministerium um Tücher in öffentlichen Toiletten zu benutzen, die hier gewaschen werden

**Infomedia:** digitale Zeitung „Konterbont“, die aus der Region berichtet, und die Möglichkeit bietet Luxemburgisch zu lernen

### SOZIALES ENGAGEMENT

Barrierefreiheit

Einstellung von vielen Azubis, Praktikanten, freiwilligen Helfern, Studenten, Schüler aus dem ALR & Zusammenarbeit mit der ADEM

Flexibele Arbeitszeiten, Sonder-urlaub zur sprachlichen Weiter-bildung, sonstige Weiterbildungen, Teambuilding, Mitspracherecht

Inklusion = die Hauptmission der a.s.b.l., Beschäftigung von Mit-arbeitern mit intellektueller/körperlicher Beeinträchtigung, von Asylbewerber, Flüchtlingen und Langzeitarbeitslosen

# E puer Produiten aus eisem Sortiment
# Quelques produits de notre assortiment



**Matte Happy Sneakers**
Peinture & Cadeaux Kauthen Useldingen
39,95 €




**Mäppchen**
Autisme Luxembourg Beckerich
9,50 €



**Fotoalbum Lila**
Autisme Luxembourg Beckerich
16 €



**Egeria Kapuzenmantel**
Home Textile Sonja Evers Hovelingen
49,95 €




**Verdello Farbe** 1 L
Peinture & Cadeaux Kauthen Useldingen
35,80 €




**T'Charly's oil – Senföl** 250 ml
Biohaff Goedert Ospern
9 €



**Helge Bade- & Handtücher**
Home Textile Sonja Evers Hovelingen
22,95 €



**Weißwein Familie Fournier Longchamps 2016**
Vitis Vinitera Redingen
17,04 €




**6 kg Kalbfleischbox**
Blonde d'Aquitaine vom
Biobetrieb Linden aus Reichlingen
164,84 €



**Gringgo Package Nr.3**
40,59 €



**Flaschentüte lila/grün**
Autisme Luxembourg Beckerich
5 €



**Bio Brombeeren Gelee**
Autisme Luxembourg Beckerich
4,15 €



**Lemix Lehmbauplatte**
Naturbaustoff Redingen
18,28 €



**Leindotteröl** 250 ml
Biohaff Goedert Ospern
9 €




**Claytec Lehmputz Sanremo** 25 kg
Naturbaustoff Redingen
20,76 €



**Bio Bordeaux Château Grenet 2015**
Vitis Vinitera Redingen
9,25 €




**Baukasten kleines Wasserrad**
Maison de l'eau Redingen
9 €



**Bettwäsche Hard Rock Café**
**Save the planet**
Home Textile Sonja Evers Hovelingen
59,95 €



**Schultertasche**
Autisme Luxembourg Beckerich
36,50 €



**Cottover Sweatpants**
Home Textile Sonja Evers Hovelingen
27,50 €

## Gringgos op www.gringgo.lu

Autisme Luxembourg
Art&Wise
ClimEEC
De Kär
Den Daachdecker
Eida
Energipark
Infostuff
Manukultura
Op der Schock
Pall Center
Peinture & Cadeaux Kauthen
Studio E
Vun der Atert

## Nei derbäi:

An-Net Service
Anc. Ets. Aloyse Heidesch
Bijouterie Kieffer Bock
Everkie Arts
Home Textile Evers Sonja
Vintage Home & More

GRINGGO
BEWOSST HANDELEN AM WESTEN

**Gringgo**
6, Jos Seyler Strooss
L-8522 Beckerich
T +352 671 025 650
info@gringgo.lu
www. gringgo.lu

Geméis Vun der Atert - Agemaach vun Op der Schock

# LECKEREIEN AM GLAS
# ENG DELIKATESS VUN DER ATERT

Op der Schock zu Réiden huet eng grouss professionell Kichen. Do gëtt net nëmmen fir hir eege Kantin fir d'Mëttigstonn gekacht, mee och eng sëllege Produiten fir an d'Vente an hirem Hausbuttek.

D'Kooperativ Vun der Atert liwwert d'Geméis bei Op der Schock. Et kennt ee sech. D'Zesummenaarbecht esou wéi eng zolitt Vernetzung am Kanton Réiden ass fir béid Kooperativen e grousst Uleies. Esou koum et zur Iddi fir zesummen „Conserven" am Glas hierzestellen - mat Geméis Vun der Atert an agemaach vun „Op der Schock". Gesot, gemaach!

En Dossier gouf geschriwwen an am Kader vum Leader Projet Sozialwierkstat agereecht.


Eis Iddi gouf validéiert, a mir kruten e Budget fir lasszeleeën. Am Fréijoer gouf eng Visitt op Metz an d'Conserverie Locale organiséiert, an et koum ee voll motivéiert an inspiréiert zréck!

## Eng Delikatess Vun der Atert: Déi éischt Leckereien sinn am Glas

Vu Fréijoer bis Enn Hierscht liwwert d'Kooperativ Vun der Atert am Wochentakt Geméis op Réiden an d'Kichen, ultra frësch aus dem Gaart, pur Natur aus der Biekerecher Waasserschutzzone, mat manner ewéi 6 km Transport, a ganz ouni Verpackungen! De Chef Patrick an d'Cindy zauberen doraus zesumme mam Atelier Protégé déi lackeleg Gamme „Delikatess Vun der Atert", a fëllen se a Pfandglieser an:

**Auberginnekaviar** *100 g*
**Auberginnen a Balsamicoesseg** *200 g*
**Paprika a Balsamicoesseg** *200 g*
**Paprika séiss-sauer** *200 g*
**Courgetten am Chilli-Ueleg** *200 g*
**Courgetten am Kraideresseg** *200 g*
**Tomatepassata** *700 g*
**Tomatepassata mat Kraider** *700 g*

Mat dësen Delikatesse Vun der Atert stimuléiere mir als Produzenten a Konsumenten nit nëmmen déi lokal Entwécklung vu Landwirtschaft & Wirtschaft, mee Glas fir Glas kämpfe mir eis derduerch fir eng méi autonom, nohalteg & transparent Liewensmëttelversuergung an eiser Regioun, fir eis Regioun.



VUN DER ATERT S.C.

**Vun der Atert s.c.**
6, Jos Seylerstrooss
L-8522 Biekerech
T +352 671 23 62 43
vunderatert@gmail.com
www.vunderatert.lu

**OP DER SCHOCK asbl et sc**
34a, Route de Reichlange
L-8508 Redange
T +352 26 62 93-1
F +352 26 62 93-40
info@ods.lu
www.ods.lu


yummy






# KLIMAWANDEL

## LËTZEBUERG BEFËNNT SECH AN ENGER ZWÉCKMILLCHEN

Rapport vum 1. Diskussiounsowend am Réidener Kanton. Den 28. November huet den éischten Diskussiouns-Owend ënner der Leedung vum Jos Bormann an der Préizerdauler Fabrik stattfonnt.

11 Persounen aus dem Kanton hunn sech zesummefonnt fir iwwert ee ganz aktuellt Thema - de Klimawandel – ze diskutéieren. Bei duerchaus kontroversen Opfaassungen zum Klimawandel, sinn d'Gespréicher awer am géigesäitege Respekt ofgelaf, wat jo d'Zil vun däser Initiative ass.

**Wat ass d'Conclusioun vum 1. Diskussiounsowend?**

D'Majoritéit vun den deelhuelende Persoune war der Meenung, dass de Klimawandel mënschegemaacht ass an duerch di iwwerméisseg Verbrennung vu fossille Brennstoffer bedéngt ass. Dowéinst brauch d'Mënschheet „Leitplanken" vun der Politik fir dës schiedlech Emissiounen ze reduzéieren an esou eng liewenswäert Existenz vun de Mënschen op eisem Planéiten ze garantéieren. Et bestounge nämlech Zweiwel an der Ronn, ob d'Mënsche vu sech aus hiren ekologesche Foussofdrock bereet sinn ze verklengeren. Konsens gouf et awer, dass all Eenzele soll bei sech ufänke méi bewosst ze konsuméieren a seng Erfarunge mat sengem Ëmfeld deelen.

Et goufen och aner Meenungen, zB dass di Theorie vum mënschegemaachte Klimawandel vu Politiker an d'Welt gesat gouf oder dass d'Wëssenschaftler an der Vergaangenheet sech och scho mol geiert hunn an hire Prognosen (Peak Oil).

Onofhängeg ob de Klimawandel komplett oder deelweis vum Mënsch provozéiert ass, war sech de Gremium eens, dass et ganz vill aner Grënn gi firwat mir onbedéngt mussen ëmdenken an eise Konsum reduzéieren: Verloscht vun der Aartevillfalt, Verbrauch vun de natierleche Ressourcen, Verschmotzung vun de Flëss a Mieren, Ofholzung vun de Reebëscher, schlecht Loftqualitéit an de Stied,...

Lëtzebuerg befënnt sech an enger Zwéckmillchen, engersäits profitéiere mir all vun der massiver Wuesstemspolitik (Sozial - & Rentesystem), anerersäits geet heiduerch eis Liewensqualitéit lues a lues verluer: Stau, héich Immobiliëpräisser & grousse Flächeverbrauch,... Mir hunn d'Konsequenze vum Klimawandel bei eis nach net wierklech ze spiere krut, dowéinst ass d'Bereetschaft fir ze Handelen och nach net esou grouss. Bis elo huet d'Geschicht awer gewisen, dass all Zivilisatiounen, déi méi verbraucht hunn, wéi hier natierlech Ressourcen hierginn hunn, zu Gronn gaange sinn (Ouschterinselen, Maya, Anasazi-Indianer...).

Zum Schluss gouf awer festgehalen, dass ee Mentalitéitswiessel ze spieren ass, an dëse Wandel begënschtegt, dass d'Politiker de Courage opweise fir den erfuerderleche politesche Kader ze setzen. Et bléift ze hoffen, dass keng staark Lobby a Konzerner d'Politiker an hiren Entscheedunge verhënneren.

### 2. Diskukssiouns Owend zum Thema „Digitaliséierung & hiren Afloss op eisen Alldag"

RDV den 27.2. um 19.30 am Zärenhaus zu Réiden*

D'Diskussiounsowender si fir all Bierger op! Et wir flott an och wënschenswäert eis jonk Matbierger an eiser Ronn mat derbäi ze hunn.

**Dir hutt Froen?**

Kontaktéiert de Syndikat Réidener Kanton

Caroline Schmit - T 26 62 08 01 22
klima@klima.lu - www.klima.lu

Mir freeën eis op är Bedeelegung an op spannend Diskussiounen.

* Zärenhaus
1, rue de Niederpallen - Réiden

Syndicat Intercommunal
"De Réidener Kanton"

**Syndicat Intercommunal „De Réidener Kanton"**

11, Grand-Rue
L-8510 Redange/Attert

# TOUR DU DUERF 2019 AM RÉIDENER KANTON

Dëst Joer ass de Réidener Kanton op e Neits mat sengen 10 Gemengen un de Start vum Tour du Duerf gaangen. Eis **106 Vëlosfuerer** sinn **24.939 km** gefuer an hunn eis domadder landeswäit op eng super 2. Plaz bruecht. Ee ganz grousse Merci un all eis immens motivéiert Vëlosfuerer aus dem Kanton!



Dëst Resultat ass zu engem gudden Deel der Gemeng Wal - mat sensationellen 9.659 km - ze verdanken!

D'Gemeng Wal huet deemno och de Landes-Präis gewonne fir di meeschte Kilometer pro Awunner. Bravo Wal!


De 25.11.2019 huet d'Präisverdeelung vum Réidener Kanton stattfonnt. Dat beschten Team aus dem Kanton ass bei wäitem **Velo Wal** mat 4.976 km. Si kruten hire Präis vu 400 Beki vum Thierry Lagoda, dem President vum Syndikat Réidener Kanton, iwwerreecht.

Bei der Verlousung vum Bong beim Péitche Lauer (250 €) huet den Andy Kalté aus der Gemeng Wal gewonnen.


Nieft der Éierung sinn nach di lafend Projeten zum Thema Vëlo am Kanton virgestallt ginn. Uschléissend ass zesummen op dat gutt Resultat mat engem Patt ugestouss ginn.




**Geradelte Kilometer pro Gemeinde & Anzahl aktive Radfahrer**




**Teams mit geradelten Kilometern & Anzahl aktive Radfahrer**




**Syndicat Intercommunal „De Réidener Kanton"**

Caroline Schmit & Stéphane Devillet
Conseillers climat

43, Grand-Rue
L-8510 Redange/Attert
T +352 26 62 08 01 22
klima@klima.lu
www.klima.lu

# KLIMAPAKT-DAG AM RÉIDENER KANTON

## Bilan an Zukunftstrategie





6 Joer nodeems déi 10 Gemengen aus eisem Kanton de Klimapakt ënnerschriwwen hunn, wor et un der Zäit fir een éischte Bilan ze zéien. Den 21. November 2019 koume Politiker, Gemengentechniker an interesséiert Bierger an d'Biekerecher Millen fir gewuer ze ginn, wat an deenen anere Gemenge fir de Klima geschafft gouf, a wat nach alles geplangt ass.


Déi meeschte Gemengen hunn hier Klima-Performance verbessert iwwert déi leschte Joren. D'Moyenne vun eisen 10 Gemenge läit och däitlech iwwer der nationaler Moyenne.

Et bleift awer nach ganz vill ze maache fir eis $CO_2$ Emissiounen trotz konstantem Wuesstem ze reduzéieren. Besonnesch de Stroosseverkéier huet ee groussen Impakt op eis Resultater, virun de Beräicher Ekonomie a Stéit (Hëtzes). Och wann eis Autoen ëmmer méi effizient ginn, geet d'Unzuel un Autoe pro Awunner erop, an d'Awunnerzuel klëmmt och nach stänneg.


Eng effizient Mobilitéit ass dowéinst och den éischte Punkt an eiser Klima-Strategie vum Réidener Kanton. Hei drënner falen: D'Vermaartung an d'Vernetzung vum neien RGTR-Busnetz (operationell Ënn 2021), den Ausbau vu Vëlospisten, d'Vermaartung vum Potenzial vum Elektro-Vëlo, d'Berodung iwwer déi nohalteg Mobilitéit, d'Zesummenaarbecht mam ALR an de Slow Tourismus.

Mir felicitéieren de Gemenge an hiren engagéierte Klimateams fir hier Efforten an hier gutt Aarbecht. A mir wënschen hinnen vill Energie an Ausdauer fir all hier nei Projeten!

**PWK pro Einwohner aus dem Kanton Redingen (1995-2018: +17%)**




**Stand Klimapakt im Kanton Redingen: 2014-2019**



## Wat maachen eis 10 Gemengen an de nächste Jore fir eist Klima?

### BIEKERECH

- Manner Offall duerch méi Mehrweg
- Méi Energieeffizienz mat effikasse Subsiden
- Linear duerch zirkulär Ekonomie ersetzen
- Lokal Stroumproduktioun aus erneierbaren Energie maximiséieren
- Méi aktiv Mobilitéit an der Gemengeverwaltung

### ELL

- Sanéierung vun der aler Schoul vu Rued
- Energetesch Sanéierungs-moossnamen am Centre Culturel Camille Ney
- Moossnamen an der Mobilitéit (Radaren, Ofsécherung vu Foussgängeriwwergäng, Vélosstänner,...)
- Kommunal Subside fir erneierbar Energien & energetesch Sanéierungen
- 1 Wandmillen

### GROUSSBUS

- Energetesch Sanéierung vum Sprëtzenhaus fir Ëm-notzung als nei Gemeng
- Tempo 30 am Duerfkär
- Dämmung vu kommunale Gebaier (alt Paschtouesch-haus, Weihersäift, Prom-menhaff)
- Ausbau vum Fousswee-Netz am Kader vu neie PAPen
- Nei Beliichtung vum Ze-brasträifen

### PRÉIZERDAUL

- Nei Schoul (Passivhaus-Standard, PV-Anlag, Uschloss un d'Wärmenetz)
- Uschloss vun der Fuss-ballsbuvette an dem Depot Ensch un d'Wärmenetz
- Regional Liewesmëttel an der Maison Relais
- Nei PV-Anlag fir d'Schoul
- Effizient Beliichtung (bannen & baussen)

### RAMMERICH

- Holzheizung am Kietsch-ter Schoulkomplex
- 3 Wandmillen
- Opluetstatioune fir Elektro-Véloen
- Energetesch Sanéierun-gen a kommunale Gebaier (Centre Culturel Bungeref, Centre Culturel Pärel)
- Entwécklung vu lokale Ver-suergungsméiglechkeeten

### RÉIDEN

- PV-Anlagen op kommunale Gebaier
- 1 Wandmillen
- Stroosseluuchten op LED
- Vélosweе Réiden - Räichel - Daul
- Wärmenetz mat Pellets zu Palle fir kommunal Gebeier

### SËLL

- Austausch vu fossillen Heizunge mat erneier-baren Energien
- PV-Anlag op dem neie Gemengenatelier
- Ausbau vu Fouss- & Vélosverbindungen
- Neigestaltung vun der Duerfplaz zu Säll
- Ekologescht Neibaugebitt zu Schweebech

### USELDENG

- Ëmrüstung vun all de fossillen Heizungen op erneierbar Energien
- Massiv Ausnotzung vum Sonne-Potenzial
- 20/30er Zonen op de Gemengestroossen
- Ausbau vu Fouss- & Vélosweeër
- Sanéierungsmoossnamen a kommunale Gebaier

### VIICHTEN

- Weider PV-Anlagen op kommunale Gebaier
- Lokaalt Geschäftswiesen stäerken mam Projet vum ale Café Différence
- LED Stroossebeliichtung
- Nei PV-Anlag op der Sportshal
- Verbesserungen vum Fousswee-Netz

### WAL

- Nei Zentralschoul mat Pelletheizung & PV-Anlag
- Kommunaalt Mobilitéits-konzept mat 30er Zonen op Gemengestroossen
- Ersetze vu Masuttshei-zungen mat Pellets an de Gemengegebaier
- Konzept fir di zukünfteg Notzung vu de Gemenge-gebaier
- Fouss- & Vélosweе Gréiwels - Wal

GEMENG BIEKERECH · Gemeng Ell · GEMENG PRÉIZERDAUL · GEMENG USELDENG · GEMENG VIICHTEN

energie atelier · KlimaPakt meng Gemeng engagéiert sech · INFO STUFF

**Syndicat Intercommunal „De Réidener Kanton"**
Caroline Schmit & Stéphane Devillet
Conseillers climat
43, Grand-Rue
L-8510 Redange/Attert
T +352 26 62 08 01 22
klima@klima.lu
www.klima.lu

# KLIMAFRËNDLECH AKTIVITEITEN AN DER RAMMERICHER GEMENG

La Commune de Rambrouch avec ses 15 localités est par sa superficie la 3me plus grande commune du pays. Elle résulte de la fusion de 4 communes: Arsdorf, Bigonville, Folschette et Perlé.

La Commune de Rambrouch possède un nombre illimité de randonnées pédestres et cyclables.

19% du territoire de la commune sont couverts par des forêts, 75% par des surfaces agricoles. Enfilez donc vos chaussures de randonnée pour vous plonger dans la nature et déconnectez-vous ainsi de la frénésie de la vie quotidienne!

## Randonnées pédestres

La Commune compte 6 syndicats d'initiatives, ayant tous balisé divers circuits pédestres. De plus, le Ministère du Tourisme gère 6 auto-pédestres à Arsdorf, Bigonville, Holtz, Koetschette, Rambrouch et Rombach. S'y rajoutent trois circuits pédestres thématiques: le chemin des sculptures à Bilsdorf, le sentier des fraudeurs (Schmugglerpad) à Rombach et le sentier de l'Administration de la nature et des forêts (ANF) „Natur Pur" au Pont Misère. En 2016, le Syndicat d'Initiative de la Commune de Rambrouch a développé la Randonnée „Marathon" de la commune de Rambrouch avec 49 km, reliant toutes les localités de la commune entre elles.

Ici, par manque de place, nous vous proposons une sélection, en essayant d'éviter au maximum l'utilisation de routes fréquentées.

Sachez qu'une réorganisation des randonnées pédestres est en cours et que dans les années à venir, des changements auront lieu.

Avant de partir, n'oubliez pas de vérifier s'il existe une connexion en transport public vers le point de départ: www.mobiliteit.lu pour réduire votre empreinte écologique au maximum!



© Guy Krier

### Arsdorf: Randonnée S

Balade au sud d'Arsdorf le long de deux belles vallées

**Distance:** 6,29 km

**Difficulté:** moyen

**Point de Départ:** au centre du village, au parking vis-à-vis de 21, rue du Lac 8808 Arsdorf

Accessible avec poussette (en temps sec)

**Plan:** http://g-o.lu/3/dPPV



© Guy Krier

### Bigonville: Autopédestre N°1




À part la première partie à la sortie du village, tout le chemin se fait sur des chemins agricoles ou sentiers forestiers loin de l'agitation de la civilisation moderne. Après la descente vers la Vallée de la Sûre, vous allez remonter la Vallée du ruisseau Froumicht à Bigonville.

**Distance:** 10,7 km

**Difficulté:** difficile, deux montées (cumulée: 330 m)

**Point de Départ:** en face de 12, rue principale - L-8814 Bigonville

**Plan:** http://g-o.lu/3/IkEu



© Guy Krier

### Bilsdorf: Chemin des sculptures

Ce chemin faisant partie du réseau des voies européennes des sculptures et de la Paix présente 8 sculptures créées par des artistes européens. De plus, vous pourrez profiter de super points de vue sur la Vallée de la Sûre.

**Distance:** 2,8 km

**Difficulté:** facile

**Point de Départ:** en face de la maison 1, rue Abbé Neuens 8811 Arsdorf

Accessible avec poussette (en temps sec)

**Plan:** http://g-o.lu/3/ABtM


© Guy Krier

### Eschette: Sentier vers le château de Scoreweltz (Schuerelser Schlass) (non balisé)


Depuis le hameau d'Eschette, un chemin vous amène dans la forêt dans laquelle se trouve la ruine d'un château-refuge du 14è, où probablement les seigneurs du château d'Useldange se sont mis à l'abri lors d'attaques de chevaliers brigands.

**Distance:** 2,4 km (le retour se fait sur le même chemin que l'aller)

**Difficulté:** moyen, accès vers le château est raid

**Point de Départ:** devant l'église d'Eschette

**Plan:** http://g-o.lu/3/Fi3O





© Guy Krier

### Holtz: Autopédestre N°1



Balade tranquille le long des vallées Noutemerbaach et Rébich.

**Distance:** 8,9 km

**Difficulté:** moyen (dénivelé cumulé: 259 m)

**Point de Départ:** vis-à-vis de 4, rue du village - L-8820 Holtz

**Circuit sur géoportail:** http://g-o.lu/3/qNLu


© Guy Krier

### Rambrouch: Randonnée locale „M"

Après la traversée du village de Schwiedelbrouch, cette randonnée vous emmène dans la vallée romantique du Dillebach.

**Distance:** 6,2 km

**Difficulté:** moyen

**Point de Départ:** Mairie, 19, rue principale - L-8805 Rambrouch

**Plus d'infos:** syndicat-rambrouch.lu/


© Guy Krier

### Rombach-Martelange: Le Sentier des Fraudeurs

Cette balade vous amène sur le sentier, rendu célèbre par les fraudeurs et les douaniers.

De Martelange à Grumelange, en longeant la Sûre, vivez un moment unique dans la nature et rempli de découvertes sur le passé des fraudeurs.

**Distance:** 5,7 km

**Difficulté:** facile

**Point de Départ:** ancien poste frontière de Martelange N4, au carrefour Martelange Rambrouch

**Plan:** http://g-o.lu/3/6D1V

**Info:** http://www.fraudeur.eu/


© ORT Eisléck

### Pont Misère: Naturpur

Ce magnifique circuit pédestre traverse la zone protégée Natura 2000 de la Haute-Sûre, une zone d'importance nationale, européenne voire mondiale. Gardez vos yeux grands ouverts pour ne pas rater la cigogne noire, le castor ou la gélinotte des bois.

**Distance:** 6,9km

**Difficulté:** moyen

**Point de départ:** Parking du pont Misère (CR 309)

**Plan:** http://g-o.lu/3/Z6jw

**Plus d'infos:** environnement.public.lu/fr/publications/conserv_nature/natur_pur.html

# Circuits cyclables


© Guy Krier

### Circuit VTT Rambrouch

**Distance:** 35 km au départ de Rambrouch, avec possibilité de raccourcir

**Difficulté:** moyen

**Point de départ:** Mairie de Rambrouch (19, rue principale 8805 Rambrouch) ou Centre culturel de Perlé (25, rue des champs 8826 Perlé)

**Plan:** http://g-o.lu/3/LuTm

Gemeng Rammerich

**Syndicat Intercommunal „De Réidener Kanton"**

Caroline Schmit & Stéphane Devillet
Conseillers climat

43, Grand-Rue - L-8510 Redange/Attert
T +352 26 62 08 01 22 - klima@klima.lu - www.klima.lu

# MERTZIG4ALL ENG GEMENG FIR JIDDEREEN!

De Buergermeeschter Mike Poiré presentéiert de Projet Ausbau an Ëmbau vum „Wäissenhaus“, der fréierer Gierwerei.



GEMENG MÄERZEG

**Gemeng Mertzig**
22, rue Principale
L-9168 Mertzig
T 83 82 44-1
commune@mertzig.lu
www.mertzig.lu









## Design4all/Mertzig4all

T'ass e Bijou matzen am Duerf: déi fréier „Weismillen“ oder d'„Wäissenhaus“, wou nach bis Ufanks vum leschte Joerhonnert fläisseg Lieder gegierft a verkaaft ginn ass. Elo ass et un der Zäit fir déi aktuell Gemengegebailechkeeten ze moderniséieren. Mike Poiré, Mäerzeger Buergermeeschter: *„Den Ëmbau entspriécht verschidden Objektiver, déi mir eis an der Schäfferotserklärung gesat hunn. Design4all! E Konzept wou kee bausse vir gelooss gëtt! D'Ëmbauaarbechte bréngen mat sech, dat och eis Matbierger mat enger kierperlecher Behënnerung ouni Barrièren duerch d'Gemeng zirkuléiere kënnen. Deemno gëtt dann och e Lift agebaut, an déi verschidden Niveauen, déi ëmmerhin tëscht net manner ewéi 26 an 112 cm louchen, ugepasst. All dës Aarbechten erlaben och d'Büroen ze reorganiséieren, an zwar esou dat eng verbessert Struktur dra kënnt. Sou kënnt zum Beispill de Sall vum Gemengerot an de Festsall um éischte Stack. Do gëtt iwwregens d'Charpente renovéiert an och nees siichtbar gemaach, wat dann nach zousätzlech Plaz ënnert dem Daach schaaft. Dat ass bei Wäitem kee klenge Chantier. Dofir gëtt och elo dervu profitéiert fir dat aalt Gebai konform ze kréie mat den aktuelle Sécherheetsnormen an och energetesch z'optimiséieren.“*



## Den historesche Cachet bleift!

D'Gemeng kritt och eng nei Entrée wou een een direkt Zougang zum Biergerguichet kritt. Mike Poiré: *„T'wor eis immens wichteg, dat den historesche Cachet vum Haaptgebai bestoe bleift, och wann et net klasséiert ass. Dofir awer gëtt den Ubau hannert der Gemeng modern mat vill Fënsterquellen, hell an transparent. Do kënnt dann och d'Entrée hin an den Ausgangspunkt fir an déi aner Raimlechkeete vun der Gemeng. An dësem Deel, an dat ass dann och eng Première fir eis Gemeng Mäerzeg, kënnt e conviviale moderne Biergerguichet.“*

